1-2022-O-M-7324-01 (n°3988)

adr

Groupe parlementaire

Dépôt: Fernand Kartheiser

Lëtzebuerg, den 12. Oktober 2022

Débat sur l'état de la nation

4

# MOTIOUN

D'Chamber vun den Deputéierten:

stellt fest, datt

- Lëtzebuerg, wann een de PIB kuckt, ee vun deene gréissten Donateure weltwäit ass, wat d'Liwwerung vu Waffen a militäreschem Material un d'Ukrain ugeet;
- no bal aacht Méint Krich d'Ukrain méi wéi jeemools virdrun op humanitär Hëllef aus dem Ausland ugewisen ass, fir d'Folge vum Krich ze bewältegen a fir duerch den Hierscht an de Wanter ze kommen;
- et der Ukrain am Ablack ganz massiv u Bussen, Ambulanzen a Pompjeesween feelt;
- och a ville Regioune vum Land Ernierungsproblemer opgetruede sinn;

fuerdert d'Regierung op:

- e Plang opzestellen, deen et erméiglecht, der Ukrain schnellstméiglech, an op eng effikass Manéier, déi humanitär Hëllef zoukommen ze loossen, déi si brauch, fir duerch den Hierscht an de Wanter ze kommen an d'Funktiounsfäegkeet vun hirer ziviller Gesellschaft ze ënnerstëtzen.

Fernand Kartheiser